N°1717
Entrée le 13.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 1717 vum 2. Januar 2025 vum Här Deputéierte Sven Clement.**

D’elektronesch Ënnerschrëft war tëschent dem 1. Januar 2025 an dem 2. Januar 14 Auer op der Plattform MyGuichet.lu net disponibel. Dëse Problem ass zeréckzeféieren op e Feeler beim zentralen Acteur zu Lëtzebuerg fir elektronesch Certificater.

Vun dësem Problem waren all d’Certificater vu LuxTrust betraff. Well déi Lëtzebuergesch Carte d’identité och e Certificat vu LuxTrust enthält, war et deemno och net méiglech mat der GouvID-Applikatioun eng Demarche ze ënnerschreiwen. LuxTrust ass dem CTIE säin zentrale Partner fir elektronesch Certificater. Dëst erkläert sech notamment doduerch, dass et den Haaptacteur zu Lëtzebuerg an dësem Beraich ass. Dank dëse Certificater ass et méiglech, sech univoque op MyGuichet.lu ze authentifizéieren a seng Demarchen elektronesch ze ënnerschreiwen. De Fait dass och d’Banke ganz enk mat LuxTrust zesummeschaffen, huet et de Bierger méi einfach gemaach sech mat de Sécherheetsmechanismen um MyGuichet.lu vertraut ze maachen, well si d‘Produite schon vum eBanking kennen.

Den Dépôt vun der Steiererklärung innerhalb vum Délai legal war duerch dëse Problem nët impaktéiert, vu dass de Problem den 1. Januar 2025 opgetruden ass. Et sinn och keng Demarchen, déi vun de Bierger oder den Entreprisen an hirem Espace preparéiert goufen, verluer gaang. Nodeems de Probleem behuewe war, konnten dës Demarchen ënnerschriwwen an iwwermëttelt ginn.

Lëtzebuerg, den 13/01/2025.

D’Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin